

## Gemeng Rammerich

# Gemengerotssëtzung vum 4. November 2021

### Dagesuerdnung:

- 1.) Deliberatioun iwwert d'Unhuele vum Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher fir d'Joer 2022.
- 2.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hiblëck op eng Bebauung.
- 3.) Prinzipiell Deliberatioun iwwert d'Realisatioun vun engem Projet fir d'Baach op der Roumecht.
- 4.) Deliberatioun iwwert d'definitiv Geneemegung vun der punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang fir Terrainen zu Ueschdref "op der Baach".
- 5.) Deliberatioun iwwert d'definitiv punktuell Ännerung vum PAP an engem bestoende Quartier zu Ueschdref "op der Baach".
- 6.) Deliberatioun iwwert d'Demande vun Zousatzkrediter aus dem uerdentleche Budget vun den Depensen vun der Gemenge Rammerich fir dat lafend Joer. (Budgetsännerungen 2/2021).
- 7.) Deliberatioun iwwert d'Schafe vun engem Posten an der Karriär B1 vum Gemengebeamten.
- 8.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun den neie Statute vum interkommunale Syndikat "Museksschoul Réidener Kanton".
- 9.) Deliberatioun iwwert den Avis dee soll gemaach gin iwwert den 3. Verwaltungsplang vun den hydrografeschen Distrikter vum Rhäin an vun der Meuse vum Groussherzogtum Lëtzebuerg.
- 10.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun der Konventioun vum "pacte logement 2.0".
- 11.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vum Kontrakt "EduCare" fir d'Joer 2022.
- 12.) Deliberatioun iwwert d'Ofschafe vun den interne Reegelen an de kommunalen Opfankstrukturen.
- 13.) Deliberatioun iwwert d'Unhuele vun notariellen Akten.
- 14.) Deliberatioun iwwert d'Verginn vun engem ausseruerdentleche Subsid.
- 15.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vu verschiddenen drénglechen an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.
- 16.) Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.
- 17.) Net-ëffentlech Sëtzung: Demissioun vun enger Gemengebeamtin.

## **Un der Sätzung huelen deel:**

Buergermeeschter- a Schäfferot: Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Gemengerot: Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP), Patrick Schuller (LSAP).

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## **Rapport vun der Sätzung:**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Membere vum Gemengerot, déi alleguer present sinn an erënnert drun, datt den nächste Mëttwoch eng Aarbechtssätzung iwwer de Budget ass, zu där d'Conseiller'en hir Froen opschreiwe sollen, fir méi séier virun ze kommen. De 16. Dezember ass dann d'Ofstëmmung iwwer de Budget.

Nächst Sätzung sin dann den 3. Februar 2022 an de 17. Mäerz 2022, all Kéier um 16 Auer.

Weider erënnert hien un den Abschied vun zwee fréiere Gemengeconseillere den 19. November an eng weider Aarbechtssätzung de 15. Januar 2022 um 10 Auer.

Wéinst der Demissioun vun enger weiderer Persoun gëtt e Punkt op der Dagesuerdnung bäigesat.

Domat sinn all Conseiller'en averstane.

## **1 Deliberatioun iwwert d'Unhuele vum Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher fir d'Joer 2022.**

De Fierschter Serge Hermes, Preposé vum Triage Rammerich informéiert de Gemengerot iwwer déi Aarbechten, déi d'läscht Joer gemaach gi sinn. Dobäi si manner Beem gehae gin, wéi geplangt, mee et war vill Ënnerhalt néideg wéinst dem Borckenkäfer, sou datt do, wou et laanscht Stroossen oder Weeër noutwendeg war, aus Sécherheetsgrënn op enger Bande vun 30 m Beem gehae gi sinn, mee doriwwer eraus déi betrafte Beem als Doudholz stoe gelooss gi sinn, well si och eng Protektioun fir den nowuessende Bësch duerstellen.

Weider schwätzt hien iwwer déi verschidde Bëschweeër, déi fäerdeg gestallt gi sinn, grad ewéi och iwwer d'Käschten an d'Recette vun deem Joer.

Wat elo d'Aarbechte fir d'Joer 2022 an de 752 Hektar Gemengebëscher ugeet, déi all FSC an PEFC zertiféiert sinn, sou muss ee wéinst der klimatescher Situatioun ëmmer mat Imprevu'ën rechnen, also éischer eng Securisatioun wéi eng reng Holzproduktioun. An deem Kontext geet hien

och op d'natierlech Regeneratioun vun den Eechen an, weist drop hin, datt fir den Débardage op Päerd an Trakter zréckgegraff gëtt, sou datt den Trakter op de Weeër bleiwe kann. Den Holzvolume gëtt op 2.000 m<sup>3</sup> geschat, mee fällt éischer méi niddereg aus.

Hie proposéiert fir um Riesenhaaff Barrièren opzestellen wéinst enger wëller Deponie, grad ewéi och fir d'Roumecht oppen ze leeën, wou dann de Pëppelbestand zréckgebaut soll gin, deelt mat, datt dat nächst Joer nees sollen Holzsteeën ofgehale gin, geet op d'Bëschweeër an de Bëschkierfecht an. Beim Budget fir d'Gemengebëscher sinn Investitioune vun 193.375 € virgesin, bei Recetten vun 197.410 €.

Fir weider Aarbechten am Beräich vum Naturschutz, Sensibiliséierung, Bëschkierfecht, Aktiounen mat Kanner asw. sin Depensen vun 102.500 € geplangt bei Recetten vun 7.750 €.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt de Projet vun der Oppeleung vun der Roumecht op der Dagesuerdnung steet, de Conseiller'en Pierre Pletschette (CSV), Sonja Kettmann (CSV) a Patrick Schuller (LSAP) informéiere sech iwwer verschidde Bëschweeër, iwwer d'Ofsécherung vun de Velosweeër, d'Responsabilitéit vun Privatbëschbesëtzer, d'Situatioun vum Grondwaasser, verschlammte Weeër asw.

De Plang fir d'Ënnerhale vun de Gemengebëscher gëtt unanime ugeholl.

## **2 Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibleck op eng Bebauung.**

Mat dräi Ufroen fir verschidde Kadasterparzellen an der Rue de l'Ermitage zu Wolwen, an der Rue du Nord zu Rammerich an an der Route d'Ettelbruck zu Kietscht nei opzedeelen sin all Conseiller'en d'Accord.

## **3 Prinzipiell Deliberatioun iwwer d'Realisatioun vun engem Projet fir d'Baach op der Roumecht.**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) informéiert iwwer d'aktuell Situatioun vun der Roumecht, déi zum groussen Deel ënnerirdisch kanaliséiert ass an den Dall wou se derduerch leeft mat Schutt vun de Leekollen opgefëllt ass, sou datt ee geplangt hätt, dës Baach ze renaturéieren. De fréieren Ëmweltminister Camille Gira hätt vun engem Subsid vun 90 bis 100 Prozent geschwat, elo awer hätt ee verschidden Diskussiounen mat Verwaltung gefouert, an neierdëngs wir een nees kontaktéiert gin, souwuel vum Fierschter wéi och vum Musée vun de Leekollen. Wann déi eidel gepompelt solle ginn muss d'Baach méi eng grouss Quantitéit Waasser kënnen ophuelen. Mat dëser principieller Decisioun kéint een dem Ministère weisen, datt och d'Gemeng Rammerich um Projet interesséiert ass.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) proposiert dann de ganzen Dall ze renaturéieren, wat fir de Buergermeeschter och en Avantage fir de Bëschkierfecht hätt wou daat Material zum Deel kéint verschafft ginn. De Patrick Schuller (LSAP) mengt, en Deel wir nach kanaliséiert a weist och op déi feelend Deeler vum Véloswee hin.

No enger allgemenger Diskussioun iwver déi bestoend Problemer beim Ausbau vun der Vélos-Euroroute 5 vu London op Roum gëtt dëse Punkt vun der Dagesuerdnung eestëmmeg ugeholl.

#### **4 Deliberatioun iwwert d'definitiv Geneemegung vun der punktueller Ännerung vum allgemenge Bebauungsplang fir Terrainen zu Ueschdref "op der Baach".**

De Buergermeeschter weist drop hin datt de Punkt 4 an de Punkt 5 sech allebéid drëm dréien, fir op dëser Plaz um Bord vun Ueschdrëf, wou ablécklech e Weekendhaus steet, méi Haiser ze bauen. An deem Fall muss awer hei e PAP "Nouveau quartier" gemaach gin, da kéinten hei véier bis fënnef Haiser gebaut gin.

Domat sin all Conseiller'en averstane.

#### **5 Deliberatioun iwwert d'definitiv punktuell Ännerung vum PAP an engem bestoende Quartier zu Ueschdref "op der Baach".**

Am selwechte Kontext muss dann de grafeschen Deel vum PAP-QE geännert gin.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wëll wëssen, op d'Strooss da mat abezun gët, wat laut Buergermeeschter eréischt an de Pläng ze gesinn ass.

Och heimatt si se alleguer averstan.

#### **6 Deliberatioun iwwert d'Demande vun Zousatzkrediter aus dem uerdentleche Budget vun den Depensen vun der Gemenge Rammerich fir dat lafend Joer. (Budgetsännerungen 2/2021).**

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt bei dëse liichten Ännerungen am Budget op där enger Säit insgesamt 41.700 € agespuert gin, während op där anerer Säit zousätzlech Depense vun 41.700 € stinn, sou datt de Budget ausgeglache bleift.

Dëst fënnt den Accord vun alle Conseiller'en.

## **7 Deliberatioun iwwert d'Schafe vun engem Posten an der Karriär B1 vum Gemeindebeamten.**

Well an absehbarer Zäit verschidde Gemengenugestallter an d'Pensioun ginn, schléit de Buergermeeschter vir, mat Zäiten déi néideg Schrëtt ze ënnerhuele fir déi Leit ze ersetzen, an duerfir elo en neie Posten ze schafen.

De Conseiller Romain Rausch (DP) weist op déi net optimal Homepage vun der Gemeng hin a freet sech, ob een net gläich sollt en Informatiker astellen.

De Gemengesekretär Marc Pletgen informéiert wéi déi nei Homepage funktionéiere soll.

De Buergermeeschter wëll d'Bild vun der Gemeng verbessern, weist drop hin, datt d'Populatioun sech verduebelt huet an nei an zousätzlech Ufuerderungen un d'Gemeng gestallt gin.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) werft d'Diskussioun vun enger elektronischer Bréifkëscht fir d'Membere vum Gemengerot op an de Sekretär Marc Pletgen erkläert, datt hei de SIGI zoustänneg ass, sou datt dat mam SIGI op eng aner Aart a Weis gereegelt muss gin.

De Poste vun engem Gemeindebeamten gët unanime ugeholl.

## **8 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun den neie Statute vum interkommunale Syndikat "Museksschoul Réidener Kanton".**

D'Conseillère Sonja Kettmann (CSV) weist op där enger Säit op d'Frais'en fir d'Gemeng hin, op där anerer Säit awer op d'Plusvalue fir déi lokal Veräiner. Si mécht sech allerdéngs Gedanken iwwer déi nei Statuten déi virgesinn, wann een am Laf vum Joer ophält, datt dann d'Gemeng net méi entschiedegt gëtt, wat bedeit, datt een net méi probéiere kann, ob eppes engem läit oder net.

Och misst de Büro vergréissert ginn, well ee wéilt a Richtung Inclusioun goen, an och Digitalunterricht virgesinn. Op jiddwer Fall wir si frou wann d'Statuten duerch wiere fir datt e schaffe kann.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) fënnt d'Statuten iwwereelst well verschidde Gemenge méi Schüler hunn, sou datt een nët einfach 30% vun der Populatioun unhuele kann. Trotzdeem ënnerstëtzt hien dës Statuten, fir datt eis Kanner déi selwecht Ausbildung kréien wéi déi aner.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) huet Bedenken, besonnesch war déi supplementar Käschten ugeet, déi op d'Gemeng duerkommen. Si werft d'Fro op, firwat de Büro vun dräi op fënnef Memberen erhéicht soll gin, well jo do och nach zwee bezuelten Direktore sinn, déi hei kéinte mathëllefen.

D'Sonja Kettmann (CSV) weist drop hin, datt heifir nëmme wéineg Versteesdemes besteet. Et wier scho richtig datt een hei wier, deen dat

maache kënn, mee deen net gewellt ass, dat ze maachen. Och weist si op verschidde Problemer raimlecher Natur hin, well d'Schoul net méi kleng, mee éischer nach méi grouss gëtt.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, datt een a gréissere Schoulen oder a Maison Relais Musekskursen hale kann. Et kéint een och net ëmmer no de Käschte kucken, mee no deem, wat et bréngt.

D'Statute ginn eestëmmeg ugeholl.

## **9 Deliberatioun iwwert den Avis dee soll gemaach gin iwwert den 3. Verwaltungsplang vun den hydrografeschen Distrikter vum Rhäin an vun der Meuse vum Groussherzogtum Lëtzebuerg.**

An deem Kontext seet den Antoine Rodesch (CSV), hätt d'Gemeng an de läschte Joren vill gemaach, virun allem wat d'Kläranlagen ugeet an erënnert drun, datt déi um Riesenhaff nach am Bau ass.

Well d'Gemeng och keen Iwwerschwemmungsgebitt ass, fält dese Punkt ewech an d'Situatioun bei de Kläranlagen wier an der Rei.

Den Avis gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **10 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun der Konventioun vum "pacte logement 2.0".**

Bei dieser Konventioun wéisst een nach net 100% wuer et higeet, besonnesch wat déi sozial Wunnengen ugeet, déi bei zukünftege Projet'en müssen ofgetruede ginn, grad ewéi dat, wat mat deem geschitt, wat d'Gemengen zousätzlech maachen, sou de Buergermeeschter. Mee et wier dat eng uniform Konventioun mat alle Gemengen.

Mat der Wolwener Schoul wier d'Gemeng Rammerich schlecht gefall. Dës sollt als sozial Wunnengen ëmgebaut gin, wat awer verworf gin ass, sou datt de Schäfferot elo kucke muss, wéi hien dese Problem, deen och ënner d'Konventioun fält, léist.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) informéiert sech, wéi et mam externe Beroder geet, wourop de Buergermeeschter mengt, dat géif ee wëssen nodeems e mam Bureau d'études geschwat hätt.

## **11 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vum Kontrakt "EduCare" fir d'Joer 2022.**

Dës Konventioun, déi all Joer erneiert gëtt, gëtt eestëmmeg ugeholl.

## **12 Deliberatioun iwwert d'Ofschafe vun den interne Reegelen an de kommunalen Opfankstrukturen.**

Nodeems déi kommunal Opfankstrukture vun ARCUS a.s.b.l. iwwerholl gi sinn wier et besser, déi aktuell intern Reegelen ofzeschafe fir datt et hei keng Konfusioun ginn.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) wëll wëssen, ob dës Reegele vun ARCUS och iwwer Internet publizéiert ginn, wourop d'Schäffin Myriam Binck (CSV) matdeelt, datt d'Eltere bei der Aschreiwung informéiert ginn.

D'Myriam Picard (LSAP) freet sech wéi et mat deenen Elteren ass, déi sech am Virfeld informéiere wëllen an de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) informéiert sich iwwer d'Responsabilitéit vun der Gemeng.

Déi intern Reegele ginn eestëmmeg ofgeschaaft.

## **13 Deliberatioun iwwert d'Unhuele vun notariellen Akten.**

Hei dréit et sech em zwou Parzelle vu 5 resp. 6 Zentiar, déi ausgetosch ginn. Domat ass jiddereen averstan.

## **14 Deliberatioun iwwert d'Verginn vun engem ausseruerdentleche Subsid.**

Fir de Concours "Jeunes Solistes" accordéiert d'Gemeng der UGDA eestëmmeg en ausseruerdentleche Subsid vun 100 €.

## **15 Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vu verschiddenen drénglechen an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.**

Verschidden drénglech an zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer sinn eestëmmeg ugeholl ginn. Et sinn dat e Reglement an der Lannener Strooss zu Hueschtert an an der Route d'Ettelbruck zu Kietscht.

## **16 Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.**

Op Froen vun der LSAP-Fraktioun confirméiert de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) datt de Frigo zu Bilschdref ersat gëtt wann en defekt ass, datt fir d'Festsäll keng Schlëssele, mee nëmme méi Badgen eraus gi ginn, mee datt ee fir de Sall um éischte Stack eng Léisung géif fannen. Zum Problem Verkéierssécherheet zu Bilschdref verweist hien op de Code de la Route an op déi Léisung bei der Raiffeisekeess zu Pärel an hie wëllt kucken, op een zu Bilschdrëf eppes Ähnlech esennerhuele kann.

Op d'Fro, ob beim Fitnessparcours Beem gehae gi sinn, hat de Fierschter scho geäntwert, mee de Buergermeeschter weist drop hin, datt de Schäfferot dem Fierschter keng direkt Uweisung gëtt.

## **17 Net-öffentlech Sëtzung: Demissioun vun enger Gemeindebeamtin.**

An enger net-öffentlecher Sëtzung befaasst de Gemengerot sech mat der Demissioun vun 2 Gemeindebeamtinnen.